



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7072 vum  
26. Oktober 2022 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Déactivation d'éoliennes"**

**1. Gëtt et ee Grond, firwat d'Wandrieder zu Garnech owes, kuerz virun 18h00, ausgeschalt ginn?**

Wéi eis vum Anlagebedreier matgedeelt gouf, ginn et bei de Wandrieder zu Garnech tëscht dem 1. Mee bis den 31. Oktober sougenannt "Flidermausofschtaltungen", dëst all kéiers 1 Stonn viru Sonnenënergäng a bei bestëmmte Meteoskonditiounen (Temperatur  $\geq 10^{\circ}\text{C}$  a Wandvitesse  $\leq 7\text{m/s}$ ) bis Sonnenopgang.

**2. Ginn et nach Wandrieder hei am Land, déi zou bestëmmten Auerzäiten systematesch ausgeschalt ginn a falls jo, aus wat fir enge Grënn gëtt dat gemaach?**

Dëst ass ofhängeg vun der geographescher Lag vun de Wandrieder an d'Ofschalte gëtt dann och an de jeeweilege Geneemegunge festgehalten an d'Grënn sinn deementspreechend ënnerschiddlech: Schutz vun der Fauna, Schietwurf, staark oder extrem Wiederkonditiounen...

Sou wéi de gréisste Bedreier vu Wandanlagen hei am Land eis matgedeelt huet, ginn et bei all senge Wandparken Oplagen zum Schutz vun de Flidermais, fir d'Wandrieder bei bestëmmte Bedingungen auszeschalten.

Lëtzebuerg, den 29. November 2022

(s.) Claude Turmes

Minister fir Energie